

Lëtzebuerg, de 7. Juli 2019

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

Éier dir är wuel verdéngte Sommervakanz untriet, wëlle mir iech ee kuerzen Update zu e puer vun eise lafenden Dossiere ginn.

1. D'Situatioun vum Candidat-professeur sursitaire

De **25. Juni** hate mir eng Entrevue mat Verrieder vum Educationnsminister, bei där et haaptsächlech ëm **d'Situatioun vun de Candidats-professeurs sursitaires** goug, op deenen hir villfälteg Benodeelegung mir jo schonn an deene leschte Joren ëmmer erëm am Detail opmierksam gemaach hunn. An dëser Reunioun gouf séier kloer, dass déi Verantwortlech keng Urgence am Dossier « Candidat » gesinn an d'Verhandlungen sech wäerte schwierereg gestalten. D'Argument vun de "Konditioune vun der Stee", déi jo all Candidat-professeur zum Zäitpunkt vu senger Astellung bekannt waren, ass awer spéitstens elo net méi gültig, nodeems d'Chargés d'enseignement, déi zum selwechten Zäitpunkt wéi déi betraffe Candidats sursitaires agestallt goufen, sech no 15 Déngschtjoren ouni Concours an ouni TC kënnen fonctionnariséiere loossen an duerno an de Genoss vun Altersdechargen a Koeffizienter kommen.

An dëse Kontext passt och ee Bäitrag vun engem vun eise Comité-Memberen am *Lëtzebuenger Wort* vum 6. Juli mam Titel « **De Candidat-professeur sursitaire : D'Stéifkand ënnert den Enseignanten** ». Dir fannt dësen Artikel och an der **Annex** zu dësem Communiqué.

Op eiser nächster Reunioun um MENJE, déi direkt no der Rentrée wäert stattfannen, ginn d'Diskussiounen zur Situatioun vum Candidat, mee och allgemeng zur Karriär vum Professor, selbstverständlech virun. De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP léisst sech jiddefalls net weiderhi vertréischten. Dofir si mir am Gaang – ënnerstëtzt vun eisem Daachverband CGFP – weider **Méiglechkeeten ze préiwen, fir den Drock op déi Verantwortlech z'erhéijen**. Donieft waarde mir och ëmmer nach ganz ongedëlleg op den Datum vun enger Entrevue mam Minister vun der Fonction publique, Marc Hansen, dee säit Méint am Gaang ass all d'Ënnerorganisatioune vun der CGFP no an no eenzel z'ëmfänken. Op dëser Reunioun wäerte mir kloer Fuerderunge stellen, souwuel zur Regulariséierung vum Candidat-professeur sursitaire, wéi och allgemeng a punkto Karriär vum Professor E7.

2. Formation continue

Schonn an eisem *Communiqué* vum 24. März 2019 si mir op d'**Auswierkunge vum Geriichtsuerteel vum 12. Februar** op d'Formation continue agaangen. Duerch dëst Uerteel gëtt d'Obligatioun vun der FoCo fir

dat ofgelafe Schouljoer op 8 Stonnen erfesat. An Zukunft gëtt de Volume un obligatorescher Formation continue net méi iwwert ee Règlement Grand-ducal gereegelt, mee wäert gesetzlech verankert sinn. D'Obligatioun fir iwwert een Zäitraum vun 3 Joer 48 Stonne Formatioun ze maachen, steet am **Projet de loi 7440**, dee kuerz virdrun ass, an der Chamber kënne gestëmmt ze ginn: « **Les enseignants participent sur une période de trois ans à quarante-huit heures de formation continue obligatoire non liées à d'autres missions rémunérées ou faisant l'objet d'une décharge.** »

Heiduerch ergëtt sech fir d'Enseignanten de Choix, ob si fir déi kommend Rentrée eng nei Referenzperiod ufänke wëllen, oder ob si hir aktuell Referenzperiod ganz normal wëlle weiderlaffe loossen. Am entspreche Project de loi steet heizou : « *Les enseignants dont la période de référence de trois ans de formation continue, telle que prévue à l'article 81 de la présente loi, a débuté avant l'entrée en vigueur de la présente loi, peuvent choisir de la faire courir jusqu'à échéance. Ils doivent faire part de leur choix par lettre adressée au directeur de leur lycée pour le 15 octobre 2019 au plus tard.* » Mir ginn dovun aus, dass no der Rentrée ee passende Formulaire heizou wäert erauskommen a wäerten, falls néideg, **virum 15. Oktober** weider Präzisiounen a Recommandatiounen heizou ginn.

Donieft si mir nach op déi folgend Modifikatioun bezüglech der FoCo gestouss, déi och an dësem Project de loi 7440 ze fannen ass : « ~~**Pour les tâches correspondant à un service à temps partiel ou à un congé pour travail à mi-temps, le nombre d'heures de formation est fixé proportionnellement à celui prévu pour une tâche normale.**~~ » Dëst géif bedeiten, dass Enseignante mat beispillsweis enger ½ Tâche an Zukunft net méi wéi bis elo och just d'Hallschent vun deenen 48 FoCo-Stonnen iwwert 3 Joer misste leeschten, mee déi voll Unzuel, trotz hirer partieller Tâche ! **Déi Verantwortlech um MENJE hunn eis op Nofro hin verséichert, dass absolut keng Verschlechterung an dësem Punkt ugeduecht wär** an deen hei duerchgestrahe Saz an engem aneren Text erëm géif optauchen. Dës Ännerung wär exklusiv aus juristeschen Ursachen erfollegt a géif net op politeschen Iwwerleeunge berouen. Fir de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP ass jiddefalls kloer, dass **d'Unzuel un obligatoresche FoCo-Stonnen, déi jo Bestanddeel vum ACT72 sinn, bei partieller Tâche och weiderhi mussen proratiséiert ginn.**

Wéi schonn an eisem *Communiqué* vum 24. März wëlle mir awer nach eng Kéier ausdrécklech drop hiweisen, dass **komplett onofhängeg** vun der Unzuel u FoCo-Stonnen, déi mir Enseignanten **am Kader vun eiser Tâche** bis ewell hu misste leeschten an zukünfteg nach wäerte mussen leeschten, am **Traitementsgesetz** vun 2015 eng Konditioun zur Unzuel u FoCo-Stonne besteet, déi ee muss kënne virweisen, **fir net an der Karriär blockéiert ze ginn!** Besonnesch fir eng Rei Kolleginnen a Kollege Professeren E7, besonnesch wann si länger Zäit eng partiell Tâche haten - ass et net evident, dass si beim Zäitpunkt vum Erreeche respektiv Iwwerschreide vum Echelon 14 déi verlaangten 180 Stonne FoCo wäerte kënne virweisen, och wann si déi hirer Tâche entsprechend Mindestzuel un obligatoresche FoCo-Stonne Joer fir Joer gelescht hunn. Dëse Problem stellt sech awer eréischt **ab dem 1. Oktober 2020**. Mir wäerten d'Gesprécher zu dëser Problematik no der Rentrée erëm ophuelen an alles dru setzen, dass **keen Enseignant a senger Karriär blockéiert gëtt, dee säit 2007 déi laut senger Tâche virgeschriwwen Unzuel un obligatoresche Foco-Stonne gelescht huet!**

3. Iwwerstonnen an Zäitpuerkont (CET)

Natierlech wäerte mir eis och weider dofir asetzen, dass beim Ausbezuale vun de geleschten Iwwerstonnen den ominéise **Facteur réducteur 36/52** endlech ofgeschafft gëtt. **Iwwerstonnen** – déi jo déi meescht vun eis net fräiwëlleg maachen, mee wéinst « Besoins de service » operluecht kréien – **solle genee d'selwecht bezuelt ginn, wéi déi regulär Stonnen och!**

Wéi dir wësst, gëtt et an der Fonction publique säit dem 1. Oktober 2018 de sougenannten **Zäitspuerkont**, deen natierlech och fir eis Enseignanten am Secondaire gëllt. Jidder Enseignant däerf hei selwer entscheeden, wéi vill vu sengen Iwwerstonnen hie wëll als Provisioun ausbezuel kréien a wéi vill hie wëll als Zäit uspueren (bis maximal 20 % vun der Basistâche). Un engem informatéschen **Outil zur Gestiou vum CET**, ganz praktesch **gekoppelt un den UNTIS**, gëtt aktuell nach programméiert. Déi ugespuerte Leçonnen ka jidder Enseignant sech zu engem spéideren Zäitpunkt a Form vun enger Décharge bis hin zu enger ganzer Année sabbatique ausbezuele loosse. Besonnesch am Enseignement biergt de CET am Detail allerdéngs eng ganz Partie **Spëtzfëndegkeeten**, besonnesch bei de Modalitéite vum Ausbezuele vun der ugespuerter Zäit. Déi allermeeschte Froe konnte mir awer am konstruktiven Dialog mam MENJE klären a wäerten am 1. Trimester vum kommende Schouljoer ee separate Communiqué zum Sujet CET un eis Membere verschécken.

4. Mutatiounsprozedur

Elo nodeems déi vill ëmstridde Reform vum Stage quasi duerch ass (cf. Ordre du jour vun der Chamberssëtzung vum 11. Juli) an zwou Promotiounen (Promo 16 a Promo 17) innerhalb vun enger Woch vereedegt ginn, besteet eiser Meenung no juristeschen **Klärungsbedarf fir déi zukünfteg Prozedur vun den éischten Affektatiounen a Mutatiounen**, an zwar souwuel fir d'Fonctionnairen, wéi och fir d'Employéén. Och dësen Dossier wäerte mir no der Rentrée ugoen, mam Zil, eng méiglechst gerecht Léisung ze fannen.

5. Reductioun op den Indemnitéiten

Weiderhi wäerte mir och fir d'**Ofschafe vun der Reductioun vu 25 % op den Indemnitéiten** anrieden, déi am Joer 2013 als Spuermoosnam agefouert gouf an haut opgrond vun der gesonder ekonomescher Situatioun vun eisem Land definitiv **keng Dosinnsberechtigung méi** huet!

Mir wënschen eise Memberen an allen Enseignanten eng schéin a virun allem erhuelsam Sommervakanz!

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP

www.feduse.lu

<http://www.facebook.com/FeduseCGFP>

De Candidat-professeur sursitaire : D'Stéifkand ënnert den Enseignanten

Publizéiert am **LËTZEBUERGER WORT**, Ausgab vum 6. Juli 2019, Rubrik "Analyse & Meinungen", Sait 16.

An deene knapp 40 Lycéeën uechtert d'Land ënnerriichten iwwer 4.000 Enseignanten dagdeeglech eis Kanner. Jee nodeem, zu wéi engem Zäitpunkt an ënnert wéi engem Statut dës Enseignanten agestallt goufen, hunn si eng ganz ënnerschiddlech pedagogesch Formatioun duerchlaf, souwuel inhaltlech, wéi och a punkto Dauer an Envergure. Eng Kategorie bilden heibäi déi ongeféier 600 sougenannten Candidats-professeurs sursitaires, déi tëscht de Joren 2000 an 2015 agestallt goufen. Hannert dëser Bezeechnung verstoppen sech net, wéi ee kéint unhuelen, Schwéiervbriecher – déi wéinst dem groussen Manktem un Enseignanten dagsiwwer aus dem Prisong ausgeléint gi fir Schoul ze halen an owes erëm zeréck an hir Zell musse – mee a Wierklechkeet déi mat am beschten ausgebildeten Enseignanten, déi eist Ländchen ze bidden huet. Gläichzäiteg sinn si vun all den Haaptkategorië vun Enseignanten hei zu Lëtzebuerg, déi aus dem Fundamental abegraff, déi mat där niddregster Pai an deenen onvirdeelhaftsten Aarbechtskonditiounen. Wat kléngt wéi ee schlechte Witz erliewen déi betreffen Agenten als erdréckend Ongerechtegkeet a stéisst bei deene Verantwortlechen op daf Oueren.

Mee der Rei no. Wien sinn iwwerhaapt dës ominéis Candidats-professeurs sursitaires, déi engem Aussestoende wuel kaum dierften ee Begrëff sinn? Fir dat ze verstoen, muss een sech de Parcours vun dëser Fonctionnaire méi genee ukucken. No hirem fachleche Masterofschloss op enger auslännescher Uni hunn si souwuel déi obligatoresch preliminär Sproochentester wéi och den Examen-concours – souzesoen de Staatsexame fir d'Enseignante – bestanen. Duerno hunn si während zwee Joer ee ganz intensive Stage mat villen zertifikative Momenter duerchlaf: Nieft der Virbereedung vu Schoulstonnen an dem Verbessere vu Prüfungen ënner stänneger Begleedung a Bewäertung duerch hiren Tuteur hunn si honnerte Stonne Formatioun besicht, ee pedagogesche Memoire geschriwwen, ee Portfolio zur Entwécklung vun hire perséinlechen a berufleche Kompetenzen ugeluecht an dës virun engem Jury verdeedegt. Nom erfollegräichen Ofschloss vun dëser pedagogescher Formatioun hunn si eng weider grouss Hürd gemeeschtert, an zwar déi nervenopreiwend Période probatoire. Während engem Trimester gouf heibäi hir Aarbecht mat den a ronderëm d'Schüler vun enger staatlecher Kommissioun – bestoend aus engem Commissaire de gouvernement, engem Lycéesdirekter an dräi Experte vum Fach – bis an de leschten Detail ënnert d'Lupp geholl. Nodeems si och nach hir Kenntniss an der Legislatioun nogewisen haten, goufen si schliisslech no gepacktem Exame vum Educatiounsminister als Fonctionnaire vereedegt.

Bis heihin ënnerscheet sech de Parcours vum Candidat-professeur sursitaire a kengem Punkt vun deem vum « normalen » Professor. Fir kënnen endgültig an offiziell Professor genannt ze ginn, hunn déi virum 1. September 2016 agestallte Fonctionnairen am Secondaire no hirem gepackte Stage nach während 18 Méint missten een Travail de candidature ausschaffen, eng post-universitaire Fuerschungsaarbecht am Optrag vum Héichschoulministère. Während dësem Zäitraum hunn si ronn 20 Prozent vun hirer Aarbechtszäit pro Woch zur Verfügung gestallt kritt, fir zu engem Thema ze recherchieren an hir Erkenntniss ze verschrëtlechen. Déi Agenten, déi dës sougenannten « TC » net innerhalb vun deenen 1,5 Joer ofgeschloss haten, goufen Candidat-professeur sursitaire betitelt a bleiwen dat esou laang, bis si hir fäerdeg Aarbecht virun engem Jury verdeedegt hunn. Bis dohi mussen si massiv Aschneidungen an hirer Pai a bei hiren Aarbechtskonditiounen hinhuelen. Obwuel sech déi ronn 600 Leit hire sëllegen Nodeeler duerchaus bewusst sinn, hunn si dës Aarbecht bis haut nach net ofgeschloss. Wann een déi betraffe Kolleginnen a Kollegen no de Grënn freet, kritt ee bal ëmmer déiselwecht Äntwert: « Ech hat nom laange Studium an deem immens ustrengende Stage einfach net méi déi néideg Energie, fir mäin TC direkt unzegoen an hunn onbedéngt eng Auszäit gebraucht ». Dobäi kënn nach, dass déi allermeescht vun hinnen nom Stage an een neie Lycée affektéiert goufen, wou si haaptsächlech nei Klassen zougedeelt kruten an dowéinst aussergewöhnlech vill Virbereedungsaarbecht hu misste leeschten. Well gläichzäiteg vill vun hinnen, wéi an deem Alter normal, an Tëschenzäit eng Famill gegrënnt hunn, huet sech hiert Liewen esou staark verännert, dass si bis haut dës äusserst zäitintensiv Aarbecht – déi si jo nieft hirer Tâche als Enseignant an hirer

Roll als Elterendeel erleedege misste – nach net ofgeschloss hunn an dowéinst ëmmer nach Candidat-professeur sursitaire sinn. Dass engem no insgesamt 7 Joer Studium an Ausbildung den Elan fir d'Ausschaffe vun engem a senger Envergure mat enger hallwer Dokteraarbecht vergläichbarem TC feelt, ass sécherlech keen Zeeche vu Lidderegkeet, mee einfach mënschlech.

Ma wat soll dat Gejéimers?! Schliisslech waren d'Konditiounen vun der Stee vun Ufank u bekannt a goufen en Cours de route och net verännert. Jidderengem dee sech fir dëse Beruff entscheet huet, war bewusst, dass dës Fuerschungsaarbecht nom Stage nach z'erleedege wär. Dass déi nom 1. September 2016 agestallten Enseignanten dës Aarbecht net méi maache musse fir Professorer ze ginn, well se an hirem Fall ersatzlos ofgeschafft gouf, ass fir déi 600 verbleiwend Candidats-professeurs natierlech eng ganz batter Pëll. Nach méi schwéier verdaulech ass fir si déi kierzlech beschloss Reform vum Stage, duerch déi de Parcours vun deenen zukünftege Professere staark reduzéiert an erliichtert gëtt, bei gläichzäiteg verbesserter Karriär. Pech gehat, kéint ee knallhaart heizou soen! Schliisslech steet et dem Staat jidderzäit fräi, d'Konditiounen fir nei rekrutéiert Agenten ze verbessern ouni déi vum bestoende Personal unzepassen, och wann dëst an der Vergaangenheet – wéi beispillsweis beim Karriärsreklassement vun de Schoulmeeschter a Léierinnen am Joer 2009 – ganz anescht gehandhaabt gouf. Eng kloer Linn säitens dem gemeinsame Patron ass hei jiddefalls net z'erkennen.

Eng net méi verriet- a vermëttelbar Situatioun ergëtt sech awer allerspéitstens duerch déi kierzlech fir d'Chargés d'enseignement geschaaft Méiglechkeet, sech no 15 Déngschtjoren zum Professor fonctionnariséieren ze loosse. Während een dëser Prozedur am Prinzip näischt Negatives ofgewanne kann, sou bedeit se fir d'Candidats-professeurs sursitaires, déi zum selwechten Zäitpunkt wéi hir Kolleginnen a Kollegen Employéen agestallt goufen, ee Schlag an d'Gesicht! Ouni de Concours de recrutement mussen ze bestoen, ouni déi uewe beschriwwen zweejäreg pedagogesch Formatioun ze duerchlafen an ouni een Travail de candidature ze verfaassen, kommen déi betreffen Employéen no enger eejäreger Fonctionnarisatiounsprozedur an de Genoss vun däitlech méi intressanten Aarbechtskonditiounen wéi d'Candidats-professeurs sursitaires mat selwechtem Déngschalter, déi hirersäits all d'Etappe vun där intensiver Ausbildung hu misste meeschteren. Am Géigesaz zum Candidat-professeur während sengem deemolege Stage besteet donieft bei dëser Fonctionnarisatiounsprozedur fir den Employé net de Risiko, seng Aarbechtsplaz ze verléieren, falls hien net sollt bestoen. Ausserdeem däerf den Employé no ofgeschlosser Fonctionnariatioun a sengem Lycée bleiwen, während déi aner no hirem Stage fir gewéinlech an een neit Gebai placéiert ginn. Dovun, dass hir nei Aarbechtsplaz bis zu 100 Kilometer vun hirem Wunnuert ewech leie kann, kënnen eng Partie Ex-Stagiairen ee Lidd sängen.

Dass sech dës Ongerechtegkeeten negativ op d'Motivatioun vun deene Betreffenen an op d'Aarbechtsklima innerhalb vum Corps enseignant auswierken, dierft fir jidderee liicht noz'empfanne sinn. Déi verantwortlech Ministeren aus der Educatioun an der Fonction publique kennen de Problem säit längerem an zéien de Kapp an. Et gëtt een d'Gefill net lass, dass d'Spueren um Bockel vun deene ronn 600 Leit nach esou laang wéi méiglech soll erauszögert ginn, ëmmerhi ginn si de Staat trotz Masterofschloss méi gënschteg wéi een Agent mat « nëmmen » engem Bachelor. Wéi eng Wäertschätzung gëtt dësen Enseignanten entgéintbruecht, andeems weiderhin zougelooss gëtt, dass si trotz héchster Qualifikatioun deen niddregste Loun an déi onvirdeelhaftsten Aarbechtskonditiounen hunn? Et dierft net méi laang daueren, bis sech déi Betreffen zesummendinn an, ënnerstëtzt duerch hir Gewerkschaften – déi dëse Sujet längst zur ieweschter Prioritéit erkläert hunn – mat alle Mëttelen eng Regulariséierung vun hirer Situatioun wäerten erzwéngen. Objektiv Argumenter heivir hunn si jiddefalls méi wéi genuch.

Gilles Kohnen, Professor, als Member vum Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP